# BOUS-WALDBREDIMUS

*Een Dall, eng Gemeng*

10/2026

www.bous-waldbredimus.lu



News

# Aus dem Gemengerot

## RAPPORT I 09. Juli 2026

**PRESENT:**
M. Antonio Da Costa Araujo
**Buergermeeschter**

M. Marc Schons
M. Dries D'Exelle
M. Jean-Claude Ruppert
**Schäffen**

Mme Netty Kill
Mme Mireille Braun
M. Jos Muller
M. Alain Thill
M. Louis Oberhag
M. Joé Beissel
M. Joe Bleser
**Conseilleren**

M. Bernard Heinesch
M. Christian Weber
**Gemengesekretären**

**ABSENT ENTSCHÊLLEGT:**
/



### De Gemengerot

01 huet ënner Ausschloss vun der Ëffentlechkeet eestëmmeg decidéiert, keen Delegéierte fir de Comité vum Syndicat intercommunal ayant pour objet la construction, l'entretien et l'exploitation d'un crématoire (SICEC) ze ernennen, dëst, well keng Kandidature virlouchen.

02 huet der Madamm Michèle Krier, Gemenge-Fonctionnaire an der Catégorie de traitement B, Groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, hir Demissioun op den 1. September 2026 ënner Ausschloss vun der Ëffentlechkeet mat 10 Stëmmen dofir an enger Enthalung ugeholl.

03 huet der Madamm Samantha Bazard, Gemengen-Employée an der Catégorie d'indemnité B, Groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social, hir Demissioun op den 1. September 2026 ënner Ausschloss vun der Ëffentlechkeet eestëmmeg ugeholl.

04 huet de Rapport vun der Gemengerotssëtzung vum 4. Juni 2026 eestëmmeg ugeholl.

05 huet eestëmmeg decidéiert, e Posten als Gemenge-Fonctionnaire an der Catégorie de traitement B, Groupe de traitement B1, sous-groupe technique mat engem Degré d'occupation vun 100% an enger Durée indéterminée fir d'Bedierfnesser vum Service technique ze schafen.

06 huet eestëmmeg decidéiert, e Posten als Gemenge-Fonctionnaire an der Catégorie de traitement C, Groupe de traitement C1, sous-groupe technique mat engem Degré d'occupation vun 100% an enger Durée indéterminée fir d'Bedierfnesser vum Service technique ze schafen.

07 huet eestëmmeg decidéiert, e Posten als Gemengen-Employé an der Catégorie d'indemnité B, Groupe d'indemnité B1, sous-groupe technique mat engem Degré d'occupation vun 100% an enger Durée indéterminée fir d'Bedierfnesser vum Service technique ze schafen.

08 huet eestëmmeg decidéiert, e Posten als Gemengen-Employé an der Catégorie d'indemnité C, Groupe d'indemnité C1, sous-groupe technique mat engem Degré d'occupation vun 100% an enger Durée indéterminée fir d'Bedierfnesser vum Service technique ze schafen.

09 huet eestëmmeg decidéiert säi Virkafsrecht op d'Parzell, agedroen am Kadaster vun der Gemeng Bous-Waldbriedemes, Sektioun WB vum Trëntengerdall, "Rue de Waldbredimus", ënnert der Nummer 195/4724, net auszeüben.

10 huet den Devis vun der Administration des Services Techniques de l'Agriculture vum 27. Mee 2026 an Héicht vun 230.000,00.- € TTC, betreffend d'Verleeë vu Kiselsteng an d'Asphaltéiere vum Feldwee "An dräi Eechel" zu Waldbriedemes, eestëmmeg ugeholl.

11 huet de PAP – neie Quartier « Rothstück 2 », dee vun der Firma « Co3 » fir d'Konstruktioun vu 24 Eefamilljenhaiser ausgeschafft gouf, eestëmmeg ugeholl an huet decidéiert op d'Ausbezuele vun enger Kompensatioun am Zesummenhang mat dësem PAP esouwéi mam Kaf vun de Parzelle, déi fir bezuelbare Wunnraum virgesi sinn, ze verzichten.

12 huet d'Konventioun vum 17. Juni 2026 tëschent der Gemeng Bous-Waldbriedemes, vertrueden duerch hire Schäfferot, an der Firma « Reuter Sàr » betreffend d'Ëmsetzung vum PAP « Rothstück B1 » eestëmmeg ugeholl.

13 huet d'Konventioun vum 30. Januar 2026 tëschent dem Ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil, de Gemenge Betzder, Bous-Waldbriedemes, Conter, Duelem, Lenneng, Nidderaanwen, Sandweiler, Schëtter, Weiler zum Tuer an der « Association HELP – Services des aides et soins de la Croix-Rouge luxembourgeoise » ASBL betreffend d'Gestioun an d'Finanzéierung vum Club Aktiv Plus « Club Syrdall » fir d'Joer 2026 eestëmmeg ugeholl.

14 huet verschidden « Titres de recette » eestëmmeg ugeholl.

15 huet follgend Informatioune vum Schäfferot zur Kenntnis geholl:

- d'Ënnerzeechnung vum Pacte communal du vivre-ensemble interculturel vun de Gemenge vum Kanton Réimech, déi erfollegt, soubal de Ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre-ensemble et de l'Accueil iwwert déi noutwenneg finanziell Mëttele verfüügt.
- d'Visitt vu verschiddene Gemengenatelieren am Hibléck op d'Planifikatioun vun der Vergréisserung vum Gemengenatelier zu Trënteng.
- den Accord vun der Associatioun « Lokalveräin Rolling/Assel » fir d'Veräusserung vun hirem Gebai an der Rue d'Assel zu Rolleng.
- d'Kënnegung vum Optrag betreffend d'Aarbechten un der Fassad am Kader vum Bau vun erschwéngleche Wunnengen an der Montée des Vignes zu Bous op Grond vu Probleemer mat der Fiichtegkeet, déi zu enger wesentlecher Ännerung am Cahier des charges gefouert hunn. Et gëtt drop higewisen, datt esou séier ewéi méiglech eng nei ëffentlech Ausschreiwung lancéiert wäert ginn.
- de Workshop an de Questionnaire zum Thema Mobilitéit an der Gemeng an d'Preparatioun vun der Auswäertung vun de Resultater duerch de Büro Schroeder & Associés fir den Hierscht 2026.

huet follgend Interpellatioune vu Conseilleren zur Kenntnis geholl:

- verschidde Moossname betreffend d'Verkéiersberouegung, a besonnesch d'Installatioun vu « Berliner Kissen » zu Ierpeldeng. De Schäfferot informéiert, datt déi entspriechend Permissions de voirie bei der Administration des Ponts & Chaussées ugefrot goufen.
- de Schued, deen duerch d'Antriede vu Waasser an de Container, an deem sech e Klassesall vun der Primärschoul Trënteng befënnt, entstanen ass an d'Informatioun vum Schäfferot, datt d'Reparatur nach viru Schoulufank ofgeschloss wäert sinn.
- de Succès vum « Sproochecafé » dee vun der Gemengekommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen organiséiert gëtt.

*Retrouvez le compte rendu sur* ***bous-waldbredimus.lu***

# MENTIONS DE PUBLICATION

*Le public est informé par la présente, conformément à **l'article 82 de la loi communale**, de la publication et de l'affichage des règlements suivants :*

| Publication | Décision | Objet |
|---|---|---|
| *17.09.2026* | *CBE 16.09.2026* | *Règlement de circulation temporaire d'urgence 20260916001 Waldbredimus – rue Wiltheim* |
| *17.09.2026* | *CBE 16.09.2026* | *Règlement de circulation temporaire d'urgence 20260916002 Erpeldange – Schmattegaass* |
| *23.09.2026* | *CBE 23.09.2026* | *Règlement de circulation temporaire d'urgence 20260923001 Waldbredimus – rue Principale* |
| *23.09.2026* | *CBE 23.09.2026* | *Règlement de circulation temporaire d'urgence 20260923002 Bous – montée des vignes* |
| *23.09.2026* | *CBE 23.09.2026* | *Règlement de circulation temporaire d'urgence 20260923003 Rolling – rue d'Assel* |
| *23.09.2026* | *CBE 23.09.2026* | *Règlement de circulation temporaire d'urgence 20260923004 Trintange – rue Principale* |
| *23.09.2026* | *CBE 23.09.2026* | *Règlement de circulation temporaire d'urgence 20260923005 Gravel Race 2026* |

*Le texte de ces règlements est à la disposition du public, à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement, le cas échéant contre remboursement.*

*Les règlements deviennent obligatoires trois jours après leur publication par voie d'affiche dans la commune, sauf si le règlement en dispose autrement.*

# Au conseil communal

## SÉANCE I 09 juillet 2026

### Le conseil communal

**PRÉSENTS :**
*M. Antonio Da Costa Araujo*
***bourgmestre***

*M. Marc Schons*
*M. Dries D'Exelle*
*M. Jean-Claude Ruppert*
***échevins***

*Mme Netty Kill*
*Mme Mireille Braun*
*M. Jos Muller*
*M. Alain Thill*
*M. Louis Oberhag*
*M. Joé Beissel*
*M. Joe Bleser*
***conseillers***

*M. Bernard Heinesch*
*M. Christian Weber*
***secrétaires communaux***

**ABSENTS EXCUSÉ :**
*/*

01 *a décidé, à huis clos et à l'unanimité, de désigner aucun candidat-délégué pour le comité du Syndicat intercommunal ayant pour objet la construction, l'entretien et l'exploitation d'un crématoire (SICEC), ceci faute de candidats.*

02 *a accordé, à huis clos et avec 10 voix pour et 1 abstention, sur sa demande, démission de ses fonctions à Mme Michèle Krier, fonctionnaire communal dans la catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif avec effet au 1ier septembre 2026.*

03 *a accordé, à huis clos et avec 11 voix pour, sur sa demande, démission de ses fonctions à Mme Samantha Bazard, employée communale de la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social avec effet au 1ier septembre 2026.*

04 *a approuvé à l'unanimité des membres le compte-rendu de la séance du conseil communal du 04 juin 2026.*

05 *a décidé à l'unanimité de créer un poste de fonctionnaire communal dans la catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe technique – Degré d'occupation 100% - Durée indéterminée pour les besoins du service technique.*

06 *a décidé à l'unanimité de créer un poste de fonctionnaire communal dans la catégorie de traitement C, groupe de traitement C1, sous-groupe technique – Degré d'occupation 100% - Durée indéterminée pour les besoins du service technique.*

07 *a décidé à l'unanimité de créer un poste d'employé communal dans la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe technique – Degré d'occupation 100% - Durée indéterminée pour les besoins du service technique.*

08 *a décidé à l'unanimité de créer un poste d'employé communal dans la catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe technique – Degré d'occupation 100% - Durée indéterminée pour les besoins du service technique.*

09 *a décidé à l'unanimité des membres de ne pas exercer son droit de préemption sur la parcelle inscrite au cadastre de la commune de Bous-Waldbredimus, section WB de Trintingerthal, lieu-dit « Rue de Waldbredimus» sous le numéro 195/4724.*

10 *a approuvé à l'unanimité le devis de l'Administration des Services Techniques de l'Agriculture du 27 mai 2026 au montant de 230.000,00.- € ttc, portant sur l'empierrement et la mise en œuvre d'enrobés bitumineux du chemin rural « An dräi Eechel » à Waldbredimus.*

11 *a approuvé à l'unanimité le projet d'aménagement particulier – nouveau quartier « Rothstück 2 », dressé par la société « Co3 » visant la construction de 24 maisons unifamiliales et décide de renoncer au paiement d'une indemnité compensatoire en relation avec le présent PAP ainsi qu'à l'acquisition des lots réservés au logement abordable.*

12 *a approuvé à l'unanimité la convention conclue le 17 juin 2026 entre la Commune de Bous-Waldbredimus, représentée par son collège échevinal et la société « Reuter Sàrl» concernant l'exécution du plan d'aménagement particulier « Rothstück 1B ».*

13 *a approuvé à l'unanimité la convention du 30 janvier 2026 entre le Ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil, les communes de Betzdorf, Bous-Waldbredimus, Contern, Dalheim, Lenningen, Niederanven, Sandweiler, Schuttrange, Weiler-la-Tour et l'asbl « Association HELP – Services des aides et soins de la Croix-Rouge luxembourgeoise » dans l'intérêt de la gestion et du financement du Club Aktiv Plus appelé « Club Syrdall » pendant l'année 2026.*

14 *a approuvé à l'unanimité des membres diverses déclarations de recettes.*

15 *a pris note des informations du collège échevinal portant sur*

- *la signature du Pacte communal du vivre-ensemble interculturel par les communes du canton de Remich laquelle aura lieu dès que le Ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre-ensemble et de l'Accueil dispose de l'enveloppe financière nécessaire.*
- *la visite de divers ateliers communaux en vue de la planification de l'extension de l'atelier communal à Trintange.*
- *l'accord de l'association « Lokalveräin Rolling/Assel » pour la cession de leur bien immeuble situé dans la rue d'Assel à Rolling.*
- *la résiliation du marché des travaux de façades dans le cadre de la construction des logements à coûts modérés dans la Montée des Vignes à Bous, ceci suite à des problèmes d'humidité lesquels ont abouti à un changement essentiel du cahier des charges. A noter qu'une nouvelle procédure de marché public sera lancée dans les meilleurs délais.*
- *le workshop et le questionnaire ayant porté sur la mobilité dans la commune et la préparation de la synthèse des résultats par le bureau Schroeder & Associés pour automne 2026.*

*a pris note de diverses interpellations de conseillers portant sur*

- *diverses mesures d'apaisement de trafic, et en particulier l'installation de coussin berlinois dans la localité d'Erpeldange. Le collège échevinal informe que les permissions de voirie y afférentes ont été demandées auprès de l'administration des Ponts & Chaussées.*
- *les dégâts suite à l'intrusion d'eau dans le conteneur hébergeant une classe de l'école fondamentale de Trintange et de l'information du collège échevinal que la réparation sera achevée pour la rentrée scolaire.*
- *le succès du « Sproochecafé » organisée par la commission communale du Vivre-ensemble interculturel.*

*Retrouvez le compte rendu sur* **bous-waldbredimus.lu**



# Am Asaz fir den Naturschutz

**Eise Projet zu Trënteng**
Dëse Wanter gëtt bei eis an der Gemeng e groussen Naturschutzprojet ëmgesat. Et betrëfft den Alebierg tëschent Trënteng an dem Bëschgebitt „Faascht". Di betraffe Parzellen leie scho säit iwwer 20 Joer brooch. Ab Oktober ginn hei d'Hecken ewech gemaach, fir esou den Aarte vun de more Grénglandbiotope Liicht ze maachen an di eemoleg Bongerten nees opzebauen.

**Hecke wech maache fir den Naturschutz? Mécht dat Sënn?**
Am Naturschutz musse mir eis fir all Terrain iwwerleeën wéi eng Liewensraim bzw. wéi eng Aarten besonnesch schützenswäert sinn a wéi eng Naturschutzzieler mir verfollege wëllen. Strukturen an der Landschaft a Form vu Beem an Hecke si wichteg. Op Plaze, wou et genuch Strukture gëtt, kann et awer och sënnvoll sinn, en Deel vun de Flächen opzemaache fir déi aarteräich Wisen nees hierzestellen.

Déi meescht schützenswäert Liewensraim hei bei eis, sinn duerch den Agrëff vun de Meschen entstanen a ginn elo vun de Baueren ënnerhalen. Aarteräich Wise sinn aus zwee Grënn seele ginn: engersäits duerch eng méi intensiv Land Notzung an anerersäits doduerch dass ob schwéier zougängleche Plaze mat gerénger Produktivitéit leie bliwwe sinn. Op enger Parzell, déi net méi genotzt gëtt entwéckelt sech ob laang Dauer nees e Bësch. Wa mir d'Villfalt vun den Déiere schütze wëllen, déi duerch eis Kultivéierung entstane sinn, musse mir d'Landschaft pfleegen. Éier d'Aarbechten ufänke mussen awer e puer Froe gekläert sinn: Wéi gouf d'Parzell fréier genotzt? Wéi ee Buedem ass ob der Plaz? Wéi eng Aarte sinn do?

**Fazit**
Sonnenexponéiert, hallef-oppe Landschafte si besonnesch aarteräich a bidden e Liewensraum fir seele Planzenaarten, Wëllbeien, Päiperleken a Vigel. Zu Trënteng goufen den Neimäerder an Dréihälschen nogewisen. Déi zwee Vigel sinn ob hallef oppe Landschaften ugewise fir ze joen an ze bréien.



**Wéi geet et elo weider?**
Nom 1. Oktober ginn déi opkommend Hecken ewech gemaach. Dobäi passe mir dorop op fir eenzel Strukturen a Form vun Hecken an eenzelne Straicher a Beem stoen ze loossen. Hei ginn och Uebstbeem gesat fir eis Traditioun vun de Bongerten ze erhalen. Am wichtegsten ass d'Pfleeg vun der Fläch fir dass se net erëm zou wiisst. Ob dëser Plaz iwwerhuelen d'Schof des Roll.

An e puer Joer, kennt dir dann déi aarteräich Wiss mat hire Bewunner bei engem Spadséiergang bewonneren.



Foto 1: Esou gesäit d'Fläch direkt no den Aarbechten aus.



Foto 2: No e puer Joer etabléiert sech nees eng aarteräich Blummewiss.

# En faveur de la protection de la nature

***Notre projet à Trintange***

*Cet hiver, un grand projet de protection de la nature va être mis en œuvre dans notre commune. Il concerne l'Alebierg, situé entre Trintange et la zone forestière « Faascht ». Les parcelles concernées sont en jachère depuis plus de 20 ans. À partir du mois d'octobre, les haies y seront supprimées afin de faire de la place aux espèces des biotopes de prairies maigres et de restaurer les anciens vergers de haute tige.*

**Supprimer des haies pour la protection de la nature ? Est-ce que cela a du sens ?**

*En matière de protection de la nature, nous devons déterminer, pour chaque zone, quels habitats ou quelles espèces méritent particulièrement d'être protégés et quels sont nos objectifs en la matière. Les structures paysagères telles que les arbres et les haies sont importantes. Cependant, là où ces structures sont suffisamment présentes, il peut tout de même être judicieux d'ouvrir certaines zones afin de restaurer des prairies riches en espèces.*

*Chez nous, la plupart des habitats dignes de protection sont le fruit de l'intervention humaine et sont aujourd'hui préservés par les agriculteurs. Les prairies riches en espèces se sont raréfiées pour deux raisons : d'une part, en raison d'une exploitation agricole intensive et, d'autre part, parce que les parcelles difficiles d'accès et peu productives ont été laissées à l'abandon. Sur une parcelle qui n'est plus exploitée, une forêt finit par se reconstituer à long terme. Si nous voulons protéger la diversité animale issue de la culture, nous devons entretenir le paysage. Avant de commencer les travaux, il convient de clarifier plusieurs points : comment la parcelle était-elle exploitée auparavant ? Quel est le type de sol présent sur la parcelle ? Quelles espèces y sont présentes ?*

***Conclusion***

*Les paysages semi-ouverts et exposés au soleil sont particulièrement riches en espèces et offrent un habitat à de nombreuses espèces végétales rares, aux abeilles sauvages, aux papillons et aux oiseaux. À Trintange, on a observé la pie-grièche écorcheur et le torcol fourmilier. Ces deux oiseaux ont besoin de paysages semi-ouverts pour chasser et nicher.*

***Quelle est la suite ?***

*Après le 1er octobre, les haies naissantes seront supprimées. Ce faisant, nous veillerons à laisser en place certaines structures, telles que des haies et des arbres. Des arbres fruitiers y seront également plantés afin de préserver la tradition des vergers. Le plus important est d'entretenir le terrain pour qu'il reste ouvert. C'est là que les moutons entrent en jeu.*

*Dans quelques années, vous pourrez admirer, lors d'une promenade, cette prairie riche en espèces et ses habitants.*



*Photo 1 : Voici à quoi ressemble la parcelle juste après les travaux.*



*Photo 2 : Au bout de quelques années, une prairie fleurie riche en espèces s'établit.*

Zesummen Aarte schützen • Zesumme fuerschen • Zesumme léieren

# MOUKE Bidden

ZESUMMEN OP DER SICH

## WÉI KANN EE MATMAACHEN?

- Dir kritt vum SIAS en Tool-Kit mat enger **Mouke-Bidden** + + 
- Dir grueft déi kleng Bidden an ärem Gaart an / Dir hutt schonn e Weier am Gaart
- Dir mellt all 2 Wochen iwwer d'App iNaturalist wéi eng Déieren sech am Dëmpel ugesiedelt hunn
- Dir gitt Deel vun engem Austausch zu den Themen Amphibien, Libellen a Waasserdéieren mat enger Newsletter an Exkursiounen zum Thema

## 3 GRËNN FIR MATZEMAACHEN

**ZESUMMEN AARTE SCHÜTZEN**

En Dëmpel schaaft Liewensraum ("Kannerstuff" fir Mouken a Co.) a vernetzt Habitater mateneen (Trëttsténg)

**ZESUMME FUERSCHEN**

Är Donnéeën hëllefen ze verstoen, wéi eng Aarte wou virkommen a wéi se wanderen

**ZESUMME LÉIEREN**

Dir an är Kanner entdeckt d'Liewen am an ëm d'Waasser

**Mellt Iech bis den 1. Februar**
fir är Mouke-Bidden ze kréien

amphibien@sias.lu
+352 34 94 10 95

INFOS
LU, EN, FR, DE

Dir sidd interesséiert u weideren Infoen zum Projet an zu den Aarten déi een a Gewässer beobachte kann?

Kommt op eisen Info-Owend:

**24. November 2026**
**19.00 Auer**
**A Wiewesch zu Manternach**



GELBBAUCHUNKE
(BOMBINA VARIEGATA)

Mat Ënnerstëtzung vun

SIAS

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité



jcds.lu

## AMPHIBIA – LIEWEN AM WAASSER AN U LAND

Amphibien si Wierbeldéieren, déi souwuel u Land wéi och am Waasser liewen. Mouke, Fräschen, Salamanderen a Molche maachen deelweis grouss Wanderunge fir gutt Liewensraim ze fannen a sech ze vermeeren. Dat mécht si besonnesch vulnerabel: **41 % vun den Amphibie weltwäit si geféierdet.**

Zu Lëtzebuerg liewen 12 verschidden Amphibienaarten.

Fir eis Ökosystemer sinn si wichteg, well si e wichtegt Glidd an der Narungskette sinn, si friessen Insekten, Mustiken zum Beispill, a sinn Narung vir Vigel, Schlaangen an anerer. D'Kauzekäpp suergen ausserdeem fir proppert Waasser.



LAUBFROSCH



## 40 WEIEREN – AN ENG MOUKE BIDDEN AN ALL GAART

Mouke brauche Gewässer a Wanderkorridoren. Dofir huet de SIAS dëse Projet an d'Liewe geruff: An den nächste 5 Joer wëlle mir iwwer **40 nei Weieren** uleeën. Mee och déi kleng Dëmpelen an de Gäert si wichteg: Si kënnen de Mouken als **„Trëttsteen"** dénge fir nei Liewensraim ze erreechen, oder eventuell esouguer als Läichplaz. Dofir stelle mir Iech e Mini-Dëmpel fir Äre Gaart zur Verfügung. Dir hutt schonn e klenge Weier oder Dëmpel? **Da kënnt Dir och matmaachen!**

## ENG BIDDEN NET NËMME FIR D'MOUK, HUTT DIR DES DÉIERE SCHONN ENG KÉIER GESINN?

HUFEISEN-AZURJUNGFER (LIBELL)



BIERGMOLCH



KAUZEKÄPP



RÜCKENSCHWIMMER



# INVITATION

**BOUS-WALDBREDIMUS**
*Een Dall, eng Gemeng*

Dir Dammen an Dir Hären,

De Schäfferot vun der Gemeng Bous-Waldbriedemes invitéiert Iech heimat häerzlech op d'Feierlechkeeten déi

***Samschdes, den 10. Oktober 2026 um 18:00 Auer zu Bous***
**am Kader vum**
**Nationale Commemoratiounsdag,**
**deen dem Gedenken un de Kampf vum Lëtzebuerger Vollek wärend der däitscher Besatzung tëscht 1940 a 1945 gewidmet ass stattfannen.**

**PROGRAMM**

**18:00 Auer:**
**Feierlech Mass** zu Éiere vun den Affer vum zweete Weltkrich an der Kierch zu Bous.
**Nidderleeë vu Blumme** beim "Monument aux Morts" mat uschléissendem **Éierewäin** an enger **Fotoausstellung** vun de "Geschichts- a Kulturfrënn Gemeng Bous-Waldbriedemes" am **Molteschhaus.**

Mir hoffen Iech all deen Dag begréissen ze kënnen.
Mat frëndleche Gréiss,

De Schäfferot



*Mesdames, Messieurs,*

*Le collège échevinal de la commune de Bous-Waldbredimus a le plaisir de vous inviter à assister aux cérémonies organisées*

***Samedi, le 10 octobre 2026 à 18:00 heures à Bous***
***à l'occasion de la***
***Journée de Commémoration Nationale,***
***consacrée au souvenir de la lutte menée par le peuple luxembourgeois pendant l'occupation allemande 1940-45.***

***PROGRAMME***

***18:00 heures :***
***Messe solennelle** en l'honneur des victimes de la deuxième guerre mondiale à l'église paroissiale de Bous.*
***Dépôt de fleurs** devant le Monument aux Morts suivi d'un **vin d'honneur** avec **exposition de photos** de l'association « Geschichts- a Kulturfrënn Gemeng Bous-Waldbredimus » au **Molteschhaus.***

*Tout en comptant sur votre présence,*
*veuillez agréer, Mesdames, Messieurs,*
*l'expression de notre parfaite considération.*

*Le collège échevinal*




# Kulturellen Trëppeltour

D'Kultur- a Festivitéitekommissioun vu Bous-Waldbriedemes invitéiert op e guidéierte Spadséiergang duerch Waldbriedemes a Gondel

## Sonndeg, de 15. November um 10 Auer

Uschléissend offréiert d'Gemeng am Paschtoueschhaus e Patt an e Maufel ze iessen

De Wee ass accessibel fir Rollstill, Poussetten a Kanner

Treffpunkt bei der Kierch zu Waldbriedemes

Versions

# Promenade Culturelle

La Commission à la Culture et aux Festivités de Bous-Waldbredimus invite à une promenade guidée à travers Waldbredimus et Gondelange

## Dimanche, 15 novembre à 10h00

Suivie d'un pot et d'une petite collation au Presbytère, offert par l'Administration communale

Le chemin est accessible aux chaises roulantes, aux poussettes et aux enfants

RDV devant l'église à Waldbredimus



Mellt Iech u bis den 9. November via:
Veuillez-vous inscrire jusqu'au 9 novembre via :
Commission.culturelle@bouswaldbredimus.lu

BOUS-
WALDBREDIMUS
*Een Dall, eng Gemeng*

B W

# RENTNERFEIER 2026

## Croisière op der Musel mat Mëttegiessen

**(Limitéiert Plazen)**

De Schäfferot huet d'Éier, d'Pensionär(inn)en, op d'Rentnerfeier 2026 anzelueden, déi den **Donneschden, 19ten November 2026**, u Bord vun der M.S. „Princesse Marie-Astrid" stattfënnt.

Depart zu Gréiwemaacher: 11:30 Auer
Arrivée zu Gréiwemaacher: 17:00 Auer

Fir déi Léit, déi net selwer op Gréiwemaacher fuere kënnen, bitt d'Gemeng eng Navette un.

Mëllt Iech w.e.g. per Mail (population@bouswaldbredimus.lu), per Telefon (288604-01) oder via den Online-Formulaire bis spéitstens den 2. November 2026 un, dëst mat der Informatioun ob Dir de Bus-Service notze wëllt.
No der Umeldung kritt Dir d'Informatioune wou a wéini de Bus op Gréiwemaacher fiert.

De Schäfferot

# FÊTE DES PERSONNES ÂGÉES 2026

## Croisière sur la Moselle avec déjeuner

**(places limitées)**

Le collège échevinal a l'honneur d'inviter les pensionné(e)s, à la fête des personnes âgées 2026, qui aura lieu **jeudi, le 19 novembre 2026** à bord du bâteau M.S. « Princesse Marie-Astrid ».

Départ à Grevenmacher: 11:30 heures
Arrivée à Grevenmacher: 17:00 heures

La commune propose une navette pour les personnes ne pouvant pas se rendre à Grevenmacher.

Veuillez-vous inscrire au plus tard pour le 2 novembre 2026 par mail (population@bouswaldbredimus.lu), par téléphone (288604-01) ou moyennant le formulaire d'inscription en ligne tout en nous indiquant si vous désirez bénéficier de la navette.
Les horaires de la navette vous seront transmis après votre inscription.

Le collège échevinal

Ne manquez plus aucun événement
dans votre commune

# Verpasst keen Evenement

aus eiser Gemeng

# Agenda



## 10 OKTOBER/*OCTOBRE*
SAMSCHDEG - *SAMEDI*

### JOURNÉE DE COMMÉMORATION NATIONALE
Administration communale de Bous-Waldbredimus

**Église paroissiale à Bous & Molteschhaus**
**18:00**
http://www.acbw.lu



## 11 OKTOBER/*OCTOBRE*
SONNDEG - *DIMANCHE*

### KAFFISSTUFF VUN DEN « OEUVRES PAROISSIALES BOUS »
Oeuvres Paroissiales Bous

**Sport- a Kulturzenter Bous**
**8, rue de Stadtbredimus L-5408 Bous**
**14:00**




## 14 OKTOBER/*OCTOBRE*
MËTTWOCH - *MERCREDI*

### JOURNÉE PRÉVENTION SANTÉ – GESUNDHEITSPRÄVENTIONSTAG

**Centre Culturel Sandweiler**
**14:00 - 18:00**

## 16-18 OKTOBER/*OCTOBRE*
FREIDEN - *VENDREDI* /
SAMSCHDEG - *SAMEDI* /
SONNDEG - *DIMANCHE*

### THEATER VUN DER TRËNTENGER BÜHN
Trëntenger Bühn

**Sport- a Kulturzenter Bous**
**8, rue de Stadtbredimus L-5408 Bous**
www.trentengerbuehn.lu

## 21 OKTOBER/*OCTOBRE*
MËTTWOCH - *MERCREDI*

### BICHERBUS
Bibliothèque nationale du Luxembourg

**Parking Sport- a Kulturzenter Bous**
**8, rue de Stadtbredimus L-5408 Bous**
**10:15 - 10:45**
https://bnl.public.lu/

# 24

**OKTOBER/*OCTOBRE***
**SAMSCHDEG - *SAMEDI***

## MULLENOWEND VUN DER URB

Union Remich-Bous

**Sport- a Kulturzenter Bous**
**8, rue de Stadtbredimus L-5408 Bous**
**1. Service um 19:00 / 2. Service um 20:00**
https://www.urb.lu/




# 31

**OKTOBER/*OCTOBRE***
**SAMSCHDEG - *SAMEDI***

## HALLOWEENPARTY VUN DER URB

Union Remich-Bous

**Sport- a Kulturzenter Bous**
**8, rue de Stadtbredimus L-5408 Bous**
https://www.urb.lu/




# 03

**NOVEMBER/*NOVEMBRE***
**DËNSCHDEG - *MARDI***

## SPROOCHECAFÉ

Administration communale de Bous-Waldbredimus

**Chalet Sport- a Kulturzenter**
**8, rue de Stadtbredimus**
**L-5408 Bous**
**19:00 - 21:00**
http://www.acbw.lu

# 07

**NOVEMBER/*NOVEMBRE***
**SAMSCHDEG - *SAMEDI***

## HÄMMELSMARSCH ZU BOUS

Union Remich-Bous

https://www.urb.lu/



# 07

**NOVEMBER/*NOVEMBRE***
**SAMSCHDEG - *SAMEDI***

## HÄMMELSMARSCH ZU TRËNTENG

Trëntenger Musek asbl

http://trentengermusek.org

# 08

**NOVEMBER/*NOVEMBRE***
**SONNDEG - *DIMANCHE***

## BOURSE DES COLLECTIONNEURS

Union Remich-Bous

**Sport- a Kulturzenter Bous**
**8, rue de Stadtbredimus**
**L-5408 Bous**
**09:00 - 17:00**
https://www.urb.lu/

# 11

**NOVEMBER/*NOVEMBRE***
**MËTTWOCH - *MERCREDI***

## BICHERBUS

Bibliothèque nationale du Luxembourg

**Parking Sport- a Kulturzenter Bous**
**8, rue de Stadtbredimus**
**L-5408 Bous**
**10:15 - 10:45**
https://bnl.public.lu/

# 14-15 NOVEMBER/ *NOVEMBRE*

SAMSCHDEG - *SAMEDI/*
SONNDEG - *DIMANCHE*

## BOUS SPRÉNGT

Elterevereenegung Bous

**Sport- a Kulturzenter Bous**
**8, rue de Stadtbredimus**
**L-5408 Bous**
https://www.facebook.com/people/Eltere-vereenegung-Bous/




# 15 NOVEMBER/*NOVEMBRE*

SONNDEG - *DIMANCHE*

## KULTURELLEN TRËPPELTOUR

Administration communale de Bous-Waldbredimus

**Église Waldbredimus**
**10:00**
http://www.acbw.lu

# 19 NOVEMBER/*NOVEMBRE*

DONNESCHDEN - *JEUDI*

## RENTNERFEIER 2026

Administration communale de Bous-Waldbredimus

**M.S. « Princesse Marie-Astrid»**
**11:30 - 17:00**
http://www.acbw.lu

# 20 NOVEMBER/*NOVEMBRE*

FREIDEN - *VENDREDI*

## KÉISOWEND VUM DT EITER-WALDBREDIMUS

Dëschtennis Eiter-Waldbriedemes

**Sport- a Kulturzenter Bous**
**8, rue de Stadtbredimus**
**L-5408 Bous**
**19:30**
http://dtew.lu




# 27 NOVEMBER/*NOVEMBRE*

FREIDEN - *VENDREDI*

## COLLECTE SUPERDRECKSKËSCHT

SuperDrecksKëscht

https://sdk.lu/

# 28 NOVEMBER/*NOVEMBRE*

SAMSCHDEG - *SAMEDI*

## DE KLEESCHE BESICHT EIS SCHOULEN

Administration communale de Bous-Waldbredimus

**Sport- a Kulturzenter Bous**
**8, rue de Stadtbredimus**
**L-5408 Bous**
**14:30**
**Grondschoul Trënteng**
**25, rue de l'Eglise**
**L-5460 Trintange**
**17:00**
http://www.acbw.lu



## 01 DEZEMBER/*DÉCEMBRE*
DËNSCHDEG - *MARDI*

### SPROOCHECAFÉ
Administration communale de Bous-Waldbredimus

**Chalet Sport- a Kulturzenter**
**8, rue de Stadtbredimus**
**L-5408 Bous**
**19:00 - 21:00**
http://www.acbw.lu

## 02 DEZEMBER/*DÉCEMBRE*
MËTTWOCH - *MERCREDI*

### BICHERBUS
Bibliothèque nationale du Luxembourg

**Parking Sport- a Kulturzenter Bous**
**8, rue de Stadtbredimus**
**L-5408 Bous**
**10:15 - 10:45**
https://bnl.public.lu/

## 12 DEZEMBER/*DÉCEMBRE*
SAMSCHDEG - *SAMEDI*

### CHRËSCHTUUCHT
Cercle culturel et d'initiative Commune de Bous-Waldbredimus

**Sport- a Kulturzenter Bous**
**8, rue de Stadtbredimus**
**18:00**
https://www.facebook.com/CercleCultu-relWaldbredimus

## 13 DEZEMBER/*DÉCEMBRE*
SONNDEG - *DIMANCHE*

### GLÜWON ON TOUR
Waldbriedemeser Dickserten

https://www.facebook.com/profile.php?id=61577573159364




## 13 DEZEMBER/*DÉCEMBRE*
SONNDEG - *DIMANCHE*

### CHRËSCHTCONCERT
Trëntenger Musek asbl

**Église de Bous**
**16:30**
http://trentengermusek.org





## OEUVRES PAROISSIALES BOUS

13, rue Theodor Mergen, L-5421 ERPELDANGE
CCRA LU38 0099 7800 0055 1341

**KAFFISKRÄNZCHEN** **11. OKTOBER 2026**

### INVITATIOUN

Heimadden sidd Dir all häerzlech agelueden ***Sonndes den 11. Oktober 2026*** vun 14h00 un mat eis a gemittlecher Ronn am **Sport- a Kulturzenter zu Bous**, **„Kaffi a Kuch“** ze genéissen.



Mat léiwen an häerzleche Gréiss.

De Comité









MULLENOWEND 2026
Sport- a Kulturzenter - BOUS
28€
Mullen mat Fritten
à volonté
SAMSCHDES
24.Okt.
Zwee Servicer
19h00 Auer
oder
20h00 Auer
Réservatiounen
bis den 18.10
per WhatsApp oder Telefon
Catherine FUNK: 621 759 124
22€ Alternative
Assiette URB
Kanner Menu
7€ Wirschtgen mat Fritten
URB
Union Remich-Bous




URB JUGENDKOMMISSIOUN INVITÉIERT OP HIR
HALLOWEEN PARTY
31. OKTOBER I SPORT A KULTURZENTER BOUS
17 AUER FIR D'KANNER I AB 21 AUER FIR DÉI GROUSS
VIRVERKAF MAT GRATIS TOMBOLA 5€ I OWESKEES 6€ I KANNER SI FRÄI
URB
JUGENDKOMMISSIOUN

# et ass KIERMES am DUERF

## 7. November 2026

UNION REMICH BOUS

D'Union Remich-Bous geet duerch d'Gemeng
fir den **traditionellen Hämmelsmarsch.**
Dir sidd dann net Doheem, mee wëllt eis ënnerstëtzen?
da kënnt dir dat iwwer Virement oder Payconiq maachen.

L'Union Remich-Bous défile dans la commune pour célébrer
le **traditionnel «Hämmelsmarsch».**
Vous n'êtes pas à la maison mais souhaitez nous
soutenir? Vous pouvez faire un virement ou par payconiq.

Virement:
CCRALULL LU75 0090 0000 0589 7707
avec la mention «Hämmelsmarsch»

payconiq



# BOURSE DES COLLECTIONNEURS
## BELLE BROCANTE




**8. November 2026**
Sport- a Kulturzenter Bous
**9h00 - 17h00**




Méi Infoen op Facebook
ënner Bourse Des Collectionneurs Belle Brocante

bcollectionneurs@gmail.com

## Bourse des Collectionneurs & Belle Brocante

Den 8. November ass et erëm esouwäit! Mir freeën eis op déi nächst Bourse des Collectionneurs & Belle Brocante. D'Exposantë wäerten iech erëm vill Verschiddenes aus dem Sammelberäich matbréngen, ënnert annerem: Luxemburgensia, Brassicoles, Mënzen, Postkaarten, Porzeläin, Petrolania, al Spillsachen, Schëlder, Tableau / Biller, BD & Comic, Bicher a villes méi! Infoe ginn op eiser Facebooksäit aktualiséiert.

Den Erléis vum Standgeld gëtt erëm fir e gudden Zweck gespent.

**D'UNION REMICH BOUS** këmmert sech ëm d'Buvette, fir lessen a Gedrénks ass beschtens gesuergt.

**Villmools Merci un eis Sponsoren.**

SERGE BONENBERGER
MENUISERIE & POMPES FUNEBRES
AMENAGEMENT SUR-MESURE INTÉRIEUR I EXTERIEUR
Since 1927
WWW.BONENBERGER.LU
19, Z.A. TRIANGLE VERT L-5691 ELLANGE +352 26 66 11 1 INFO@BONENBERGER.LU


Den Dëschtennis invitéiert op säi
Kéisowend
Kéisbuffet À VOLONTÉ bei engem gudde Patt
Freides, den
20. November 2026
vun 19:30 un am Sport- a Kulturzenter Bous
Umeldunge bis Dënschdes den 17ten November
621 519 030 oder
661 660 346
dtew@dtew.lu oder
gigodart@pt.lu
Kéisbuffet ______25 €
Hameschmier __18 €
Zoossisschmier _15 €
ClimatePartner
climate neutral
Print | ID 10170-1611-2548


ANNULE
Samschdes, den 22. Nov
ab 18:00 Auer zu Bou
mat hausgem
usek@trentengermusek.org
/Whatsapp)
Haaptplat au choix:
A. Kniddele mat Speck a Ramzooss - 16€
B. Kniddele mat Wäinzoossis - 19€
C. Kniddele (vegetaresch) - 16€
- 10€
C. Lën (vegetaresch) - 8€
TRËNTENGER MUSEK
Happy Hour 18-19 Auer






# BICHERBUS



*Fir den Interessi u Bicher an um Liesen ze promovéiere fiert de Bicherbus, eng Bibliothéik op Rieder, queesch duerch d'Land. De Bestand vum Bicherbus ëmfaasst en Inventaire vun iwwer 70.000 Bicher, E-Books, Lauschterbicher an DVDe fir Kanner, Jugendlecher an Erwuessener. D'Dokumenter déngen der Weiderbildung, der Fräizäit-Lecture an der kultureller Beräicherung.*

*Dir kënnt Iech gratis um Site vun der Bibliothèque nationale du Luxembourg aschreiwen, Bicher reservéieren an um Arrêt ofhuelen.*

**Parking Sport- a Kulturzenter Bous**
**8, rue de Stadtbredimus L-5408 Bous**



## 11. November, 2. Dezember....

*All d'Datumer vum Bicherbus fannt Dir an eise NEWS, an eisem Online-Agenda an um Site vun der BnL.*

**10:15 - 10:45**

bnl.public.lu




# ASSOCIATIONS... UN ÉVÉNEMENT À MENTIONNER ?

BOUS-WALDBREDIMUS
*Een Dall, eng Gemeng*

**Une opportunité pour les associations locales :** un événement à communiquer au sein de la commune? Vous désirez apparaître dans la prochaine édition et sur notre site internet ? Rien de plus facile, envoyez-nous votre matériel : **relations.publiques@bouswaldbredimus.lu** avant le **18 octobre 2026**.
Cette démarche est réservée aux associations de la commune !

Exemple dans l'agenda :

**10** JULI/*JUILLET*
MËTTWOCH - *MERCREDI*

LE NOM DE L'ÉVÉNEMENT
Nom de votre association ou organisation

**adresse de l'événement**
**horaires**
votre site internet ou mail

**une photo** est toujours un plus
ou si vous avez un flyer,
n'hésitez pas à nous l'envoyer.

**SUPPORTS INFORMATIQUES**
PDF - JPG - TIF - EPS
En bonne qualité (HD)
Texte en document Word ou format PDF

Sous forme d'annonce :

annonce 1/2 page
190 x 135 mm
Din A5
Landscape / Paysage

**SUPPORTS INFORMATIQUES**
PDF - JPG
haute résolution 300 dpi / quadri
max 8 MB






# EIS GEMENGESERVICER

## DE GEMENGEROT

**Antonio DA COSTA ARAUJO**
Buergermeeschter
antonio.dacosta@bouswaldbredimus.lu

**Marc SCHONS**
Schäffen
marc.schons@bouswaldbredimus.lu

**Dries D'EXELLE**
Schäffen
dries.dexelle@bouswaldbredimus.lu

**Jean-Claude RUPPERT**
Schäffen
jean-claude.ruppert@bouswaldbredimus.lu

**Netty KILL**
Conseillère
netty.kill@bouswaldbredimus.lu

**Mireille BRAUN**
Conseillère
mireille.braun@bouswaldbredimus.lu

**Jos MULLER**
Conseiller
jos.muller@bouswaldbredimus.lu

**Alain THILL**
Conseiller
alain.thill@bouswaldbredimus.lu

**Louis OBERHAG**
Conseiller
louis.oberhag@bouswaldbredimus.lu

**Joé BEISSEL**
Conseiller
joe.beissel@bouswaldbredimus.lu

**Joe BLESER**
Conseiller
joe.bleser@bouswaldbredimus.lu

**Éditeur**
Administration communale de Bous-Waldbredimus

**Photos**
Yann Wirthor, Commune Bous-Waldbredimus, shutterstock.com

**Contenu rédactionnel et annonces**
Commune Bous-Waldbredimus, associations de la commune, Klima agence, cnapa, bee-secure.lu

**Concept & réalisation**
brain&more
Agence en communication, Luxembourg
Imprimé sur du papier 100% recyclé

## BIERGERZENTER

20, rue de Luxembourg L-5408 Bous
population@bouswaldbredimus.lu

**LU - MA - JE :** 08:00 - 11:45 / 13:15 - 17:00
**ME :** 13:15 - 19:00
**VE :** 07:00 - 13:00
Fermé le mercredi matin et le vendredi après-midi

**Mandy KREMER**
28 86 04 104
mandy.kremer@bouswaldbredimus.lu

**Fabio ALLEGRINI**
28 86 04 117
fabio.allegrini@bouswaldbredimus.lu

**Monica BRANDAO**
28 86 04 107
monica.brandao@bouswaldbredimus.lu

## SERVICE TECHNIQUE

27, rue de l'Eglise L-5460 Trintange
technique@bouswaldbredimus.lu
Uniquement sur rendez-vous au 28 86 04 111

**Charel FALTZ** - Ingénieur-technicien
28 86 04 103
charel.faltz@bouswaldbredimus.lu

**Damien BAJART** - Ingénieur-technicien
28 86 04 102
damien.bajart@bouswaldbredimus.lu

**Permanence / Urgences techniques hors heures de bureau**
**621 312 509**

## Secrétariat Bous et Trintange

secretariat@bouswaldbredimus.lu

**Bernard HEINESCH** - Secrétaire communal
20, rue de Luxembourg L-5408 Bous
28 86 04 101
bernard.heinesch@bouswaldbredimus.lu

**Christian WEBER** - Secrétaire communal
27, rue de l'Eglise L-5460 Trintange
28 86 04 110
christian.weber@bouswaldbredimus.lu

**Dany ARAUJO** - Ressources humaines
28 86 04 116 - dany.araujo@bouswaldbredimus.lu

**Tanja REICHERT** - Comptabilité
28 86 04 108
tanja.reichert@bouswaldbredimus.lu

## RECETTE COMMUNALE

recette@bouswaldbredimus.lu

**ANNEXE À BOUS**

**Corina BEISSEL**
Receveuse communale
22, rue de Luxembourg L-5408 Bous
28 86 04 106
corina.beissel@bouswaldbredimus.lu

## AUTRES ADRESSES UTILES

**MAISON RELAIS « AM KIISCHTENASCHT »**
25, rue de l'Eglise L-5460 Trintange
**Nadine THOMA** - Chargée de direction
28 86 04 451
mr-trintange@bouswaldbredimus.lu

**MAISON RELAIS « BOUS »**
11, rue de Luxembourg L-5408 Bous
**Christine DIELISSEN** - Chargée de direction
28 86 04 334 - mr-bous@bouswaldbredimus.lu

**JUGENDWAVE**
4, route du Vin L-5549 Remich
26 66 45 87 - info@jugendwave.lu
www.jugendwave.lu

**SERVICE ÉCOLOGIQUE**
service.ecologique@bouswaldbredimus.lu
**Cédric GODART**
34 94 10 36 - c.godart@sias.lu

**CURÉ-MODÉRATEUR**
Daniel Graul 23 66 91 41

**FOYER DU JOUR REMICH**
23 69 77 96 6101

**SYRDALL HEEM NIEDERANVEN**
34 86 72

**CLUB AKTIV PLUS « CLUB SYRDALL »**
26 35 25 45

**SÉCHER DOHEEM** (Service Téléalarme)
26 32 66 - secherdoheem@shd.lu

**REPAS SUR ROUES**
28 24 3000

**JOUSEFSHAUS RÉIMECH** 2368-7

**OFFICE SOCIAL REMICH** 23 66 00 37

**SALLE DE MUSIQUE À WALDBREDIMUS**
23 66 74 70

**DÉPANNAGE ET URGENCES CREOS**
8007 3001 (Gaz naturel)
8002 9900 (Électricité)

**CGDIS** 112

**POLICE COMMISSARIAT DE REMICH** 113
2, rue de l'Europe L-5531 Remich
244 77 1000

**ANF – GARDE FORESTIER**
**Tom ENGEL** 2475-6686